N°4472
Entrée le 14.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°4472 vum 15. Juli 2026 vum honorablen Deputéierten Sven Clement betreffend d'Klimatiséierung an den RGTR-Busser

1. Wéi vill vun de RGTR-Busser hunn aktuell keng funktionell Klimaanlag, a wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis eng gemellte Pann behuewe gëtt?

All d'Bussen, déi um RGTR-Reseau fueren si mat enger Klimaanlag equipéiert; dëst ass eng Standardufuerderung an de lafende Kontrakter.

Eng Unzuel vun Bussen wou aktuell d'Klimaanlag net geet ass mengen Servicer net bekannt. Och leie keng Zuele vir, wéi laang et am Duerchschnëtt dauert bis eng gemellte Pann behuewe gëtt.

2. Gëtt et bei der RGTR e Protokoll oder eng Direktiv, wéi mat Bussen ouni funktionell Klimaanlag ëmgaange gëtt wärend enger Hëtztwell (z.B. temporäert Ausrangéiere vum Bus, prioritär Reparatur, etc.)?

D'Fuerpersonal muss all Dag um Ufank vun hirer Schicht de korrekte Fonctionnement vum ganze Bus wéi och vun der Klimaanlag kontrolléieren.

Eng Pann muss esou séier wéi méiglech behuewen ginn. D'Kontrakter gesinn dofir ee maximalen Delai vu 7 Deeg vir.

Bei enger Hëtztwell gëtt et keng aner speziell Direktiven. Wärend enger Hëtztwell gëtt esouwuel an der Leetstell wéi och am Callcenter (mobiliteit.lu) vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport (ATP) ee spezielle Fokus ob dës Thematik geluecht. D'Busbetriber ginn zousätzlech drop higewise fir gemellte Pannen esou séier wéi méiglech ze behiewen oder di betraffe Busser ze ersetzen.

3. Ass eng verstäerkt Kontroll oder Maintenance vun der Klimaanlag an de Bussen als strukturell Moossnam virgesinn, fir esou Situatiounen an Zukunft wärend Canicullen ze evitéieren?

An deenen neien Ausschreiwungen fir d'RGTR Buslinnen ass de Volet vum thermesche Confort nach emol wesentlech méi detailléiert ausgefouert. Am Normalfall muss d'Temperatur am Bus tëscht 15 an 28 °C leien. Wann Baussentemperatur méi héich wéi 35°C ass, muss d'Temperatur am Bus mindestens 6°C ënnert der Baussentemperatur leien.

Mam Zil vun enger permanenter Verbesserung vum Service baut d'ATP d'Kontrollen um Terrain weider aus, fir eventuell Problemer an dësem Beräich éischter kënnen ze detektéieren a sou méi séier kënnen ze behiewen.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes